N° 300
Reçue le 08.03.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 8.03.2022 wéilt ech dem Minister fir Energie eng mëndlech Fro stellen.

Duerch Stéierunge vu Satellittentechnik koum et laut der Zeitung Handelsblatt zum Stellstoe vun dausende Wandrieder an Zentraleuropa. Insgesamt wieren déi ronn 6000 Anlagen, déi betraff waren, fir d'Produktioun vu ronn 11 Gigawatt Stroum zoustänneg.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- War, respektiv ass, Lëtzebuerg och vun dëse Stéierunge betraff?
- Wa jo, a wéi engem Ausmooss?

Laut *Bundesamt für Sicherheit in der Informationstechnik (BSI)* handelt et sech beim Grond fir dës Ausfäll méiglecherweis ëm Hackerugrëff am Zesummenhang mam Ukrain-Krich.

- Huet de Minister heizou Informatiounen?
- Verfügen d'Bedreiwer vun de Wandanlagen zu Lëtzebuerg iwwert dat néidegt Personal, fir am Fall vun engem massiven Ausfall vun der Satelittensteierung kënne manuell d'Servicer um Lafenden ze halen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député